N°128
Entrée le 20.12.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 20.12.2023
Chambre des Députés

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Dezember 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Den 19. Dezember war a verschiddenen nationalen an internationale Presseartikelen ze liesen, datt den EU-Ministerrot sech op e virleefegen Accord mam EU-Parlament iwwert d'Aféierung vun enger sougenannter EURO-7-Norm gëeenegt huet. D'EURO-Norme goufen ursprénglech agefouert, fir deen Ausstouss u Feinstëbs duerch Dieselautoen ze limitéieren. Et gehéiert allerdéngs zum erklärten Zil vun der Lëtzebuerger Regierung fir an den nächste Joren ëmmer méi Elektroautoen op d'Strooss ze bréngen. An dësem Sënn géif déi ursprénglech Zilsetzung vun der EURO-Norm also entfalen. Tatsächlech ass dann och lo ze liesen, datt déi nei Norm sech soll onofhängeg vun der Aart vum Motor och op d'Feinstëbsemissioune bezéien, déi duerch d'Reiwung vun de Pneuen an duerch de Bremsvirgang verursaacht ginn.

No engem vun der EU-Kommissioun publizéierte Pabeier zu deene wichtegsten Eckdate sollen dës besonnesch bei dichtem Stadverkéier beim sougenannte Stop-And-Go a bei Temperaturen iwwer 35 souwéi ënner minus 7 Grad Celsius entstoen, falls den Ausstouss vun de Gefierer nach no de klassesche Methoden am Labo amplaz ënnert de reelle Konditiounen op der Strooss (RDE) getest goufen. De Respekt vun de Wäerter soll duerch eng am Auto verbaute Software iwwerwaacht ginn. D'Schätzungen iwwer Zousazkäschte fir Automobilisten gi vun 90 bis 304 Euro aus. Béid Zuele gi vun, respektiv mat Verweis op d'EU genannt. Fir Bussen a Camione ginn duerchschnëttlech Zousazkäschte vun 2681 Euro ugeholl.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Minister gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Madamm Minister d'Positioun vun der Regierung zu der EURO-7-Norm elaboréieren a preziséieren ob schonn eng Decisioun geholl gouf, den endgültegen Text am EU-Ministerrot matzestëmmen? Falls jo, mat wéi engem spezifeschen nationalen Interessi/Notze begrënnt d'Madamm Minister déi Decisioun?
2) Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi eng duerchschnëttlech Käschten duerch d'EURO-7-Norm zu Lëtzebuerg duerchschnëttlech op Keefer vun engem Neiwon, opgeschlësselt no Aart vum Motor, op Proprietäre vun aktuelle Gefier, och hei opgeschlësselt no Aart vum Motor, op privat Bus- a Camionsfirme souwéi de Staat an d'Gemenge fir d'Upassung vun hire jeeweilege Fuerparken, duerkommen? Gëtt et Iwwerleeunge fir dës Zousazkäschte fir Privatleit an Entreprisë steierlech auszegläichen?
3) D'EU-Kommissioun geet an deem uewen zitéierten Eckdatepabeier dovun aus, datt den Undeel vun NOX-Emissiounen an der Loft bis 2030 amplaz wéi bis ewell ëm 77 Prozent vis-à-vis vun 2018, ëm 85 Prozent wäert erofgoen. An der däitscher Press ass zu deem Thema ze liesen, datt den Undeel vu Stéckoxiden a Feinstëbs an der Loft an hire Grousstied iwwert all déi lescht Jore kontinuéierlech erofgaangen ass an et zu kengerlee Iwwerschreidunge vun de Grenzwäerter méi kënnt. Weider

heescht et, datt aus de Miessungen, déi wärend de Lockdownperioden vun der COVID-Kris erhuewe goufen, ervirgeet, datt den Afloss vum Verkéier op dës Loftwäerter warscheinlech vill méi kleng ass, wéi laang Zäit ugeholl gouf. Kann d'Madamm Minister an deem Sënn, d'Entwécklung vu Feinstëbs a Stéckoxide zu Lëtzebuerg vum Joer 2015 bis 2022 presentéieren a preziséieren ob wéi eng Aflossfaktoren déi Entwécklungen zeréckgefouert ginn? Kann d'Madamm Minister dozou weiderféierend eng Berechnung presentéieren, wéi dës Wäerter sech mat an ouni EURO-7-Norm bis 2035 sollen entwéckelen?

4) Am Artikel "*Zu teuer, kaum Umwelt-Nutzen - Widerstand gegen neue EU-Abgasregeln wächst*" vum 31. Mee dëst Joer schreift den däitsche Magasinn FOCUS iwwert den Afloss vum viru kuerzen zeréckgetriedenen EU-Klimakommissär Frans Timmermanns dat hei: "*Nach Informationen von FOCUS online hat Timmermans in Hintergrundgesprächen mit Managern großer deutscher Autohersteller bekräftigt, dass er den Verbrenner so früh wie möglich beerdigen will - idealerweise schon 2026 durch entsprechende Abgasvorschriften, die die Zulassung von neuen Benzinern quasi unmöglich machen. Der Klima-Agenda der EU sei alles unterzuordnen, letztlich auch der Verlust von Arbeitsplätzen, habe Timmermans in den Gesprächen deutlich gemacht*". Falls dës Informatioun sech géif confirméieren, hätt den Här Timmermanns domat de grondleeënde Prinzip vun der Rechtssécherheet fir Konsumenten an Entreprisen a Fro gestallt an eng entspriechend Moossnam géif riskéiere géint d'Recht op Handelsfräiheet a Privatbesëtz ze verstoussen esou wéi se an den Artikele 35 a 36 vun der neier Verfassung gereegelt sinn. Sinn der Madamm Minister dës Aussoe vum Här Timmermanns, respektiv duerch aner Vertrieder vun der EU-Kommissioun bekannt? Wéi reagéiert si op dës Informatioun? Kann d'Madamm Minister garantéieren, datt d'Regierung zu Bréissel keng Moossname wäert ënnerstëtzen, déi scho virun 2035 zu engem inoffizielle Verbuet vum Verbrennungsmotor féieren oder déi individuell Mobilitéit allgemeng a Fro stelle géifen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

N°128
Entrée le 29.01.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°128 vum 20. Dezember 2023 vum éierewäerten Deputéierten Här Jeff Engelen iwwert d'EURO-7-Norm**

Den éierewäerten Deputéierte werft a senger parlamentarescher Fro verschidden Aspekter zu der geplangter EURO-7-Norm op a freet weider Erklärungen zu verschiddenen Elementer vun dëser Norm.

D'Propositioun zu der neier EURO-7-Norm gouf den 10. November 2022 vun der EU-Kommissioun dem EU-Parlament an den EU-Memberstaaten ënnerbreet. D'Zil vun der Propose war et d'Komplexitéit vun de bestoenden EU-Emissiounsnorme bei den Autoen a Schwéiergefierer ze reduzéieren, d'Grenzwäerter dem aktuelle Wëssens- an Technologiestand unzepassen a Préifmethoden anzeféieren, déi méi realitéitsno sinn.

Fir d'Dekarboniséierung vum Stroossentransport ze beschleunegen, huet d'EU-Kommissioun am Juli 2021 eng Ännerung am Reglement iwwer $CO_2$ Emissiounsnormen fir Autoen a liicht kommerziell Gefierer proposéiert, fir esou ee klore Wee fir eng Dekarboniséierung vun der Mobilitéit virzeginn. Zousätzlech dozou huet d'EU-Kommissioun am Dezember 2020 d'Strategie fir nohalteg an intelligent Mobilitéit ugeholl an am Mee 2021 den Null-Emissiouns-Aktiounsplang validéiert. All dës Moossname sollen dozou bäidroen, datt de Stroosseverkéier däitlech manner klimaschiedlech Zäregasemissioune a manner gesondheetsschiedlech Emissioune verursaacht. Dat Lescht ass virun allem wichteg fir d'Loftqualitéit an den urbane Räim ze verbesseren. D'EURO-7-Norm spillt hei och eng wichteg Roll fir dësen Iwwergang op eng méi propper Mobilitéit.

Et ass eng Illusioun ze gleewen datt 2035 Gefierer mat konventionellen Undriftechnologien, déi dann net méi dierfen immatrikuléiert gi, vun engem Dag op deen anere vum Marché verschwannen. Tatsächlech läit den Duerchschnëttsalter vun M1 Gefierer (Autoen), déi an Europa immatrikuléiert si, bei 12 Joer. Dëst bedeit datt all Gefier mat engem Verbrennungsmotor wat bis 2035 nei ugemellt gëtt duerno am Schnëtt nach 12 Joer wiert bedriwwe ginn. Et kann een deemno net soen, datt déi Gefierer keen Impakt méi hunn op d'Erreeche vun de gesetzten Zieler. Dowéinst ass et wichteg dat weiderhi fir dës konventionell Undriftechnologien nach Verbesserung fir déi néi Gefierer solle gemaach ginn.

Den Dossier EURO-7-Norm gëtt op EU-Niveau vun der General-Direktioun „Internal Market, Industry, Entrepreneurship and SMEs" traitéiert. Zu Bréissel gouf den Dossier an der Formatioun vun den EU-Wirtschaftsministeren verhandelt (*Conseil Compétitivité*). An den EU-Aarbechtsgruppen souzen souwuel Vertrieder aus mengem Ministère, well dës Dispositiounen an de Kader vun der Homologatioun falen, an aus dem Wirtschaftsministère, well et och ëm *d'surveillance du marché* geet. Eis national Positioun gouf dofir tëscht denen zwee Ministèren preparéiert an ofgestëmmt, an duerno vum deemolege Wirtschaftsminister am Ministerrot presentéiert.

Wärend de Verhandlungen ass déi ursprénglech Propositioun, déi vun der EU-Kommissioun ausgeschafft gi war, ëmmer méi verwässert ginn. Dëst op Drock vu verschiddene Länner. Lëtzebuerg huet sech am Prinzip ëmmer dofir ausgeschwat, datt déi nei Norm ee positiven

Effekt op d'Ëmweltziler huet an huet sech esou de 25. September am EU-Ministerrot och géint déi verwässert Propositioun ausgeschwat an déi zeréckbehalen *orientation générale* net ënnerstëtzt.

Op Basis vun dëser sinn d'Trilogen zënterhier gefouert ginn an d'EU-Parlament hat op ville Punkten änlech Bedenke wéi Lëtzebuerg. Doduerch si verschidden Elementer, déi ee positiven Effekt op d'Erreeche vun de Klimaziler hunn, erëm an den Text opgeholl ginn. Op Grondlag vun dëse Modifikatioune konnt Lëtzebuerg den 22. Dezember 2023 am COREPER de Kompromësstext matdroen, esou datt den 8. Januar 2024 den EU-Rot dem EU-Parlament dëse Kompromësstext ënnerbreet huet.

Wat Käschte vum Aféiere vun dësen neie Bestëmmungen ugeet, ka just op d'Impaktetude[1], déi vun der EU-Kommissioun gemaach ginn ass, verwise ginn. Hei ass allerdéngs drop hinzeweisen, datt dës Etude ob Zenarie gemaach gouf wéi den Text ursprénglech vun der EU-Kommissioun proposéiert gouf. An dësem Zesummenhang goufe verschidde méiglech Usäz, mat verschiddenen Ofstufunge vu Modifikatiounen, analyséiert.

Op Basis vun der Optioun déi zeréckbehal gouf ass d'EU-Kommissioun dovun ausgaangen, datt d'Hiersteller tatsächlech wäerte klammend Käschten hunn. Dëst bedéngt duerch nei Ausrüstunge fir Technologien, déi d'Emissioune reduzéieren an déi domadder verbonne Kalibréierungskäschten. An engem Zäitraum vun 2025 bis 2050 géifen dës Käschten sech op 35 Mrd. EUR fir kleng Gefierer an 18 Mrd. EUR fir schwéier Gefierer belafen. Dëst mécht am Schnëtt pro Auto ongeféier 304 € aus a fir schwéier Gefierer 2.681 €. Op der anerer Säit géif dësen Zenario awer och ee positiven Effekt op d'Gesondheetswiesen hunn an hei zu enger däitlecher Käschtereduzéierung féieren.

Duerch déi manner héich Emissiounen iwwert de selwechten Zäitraum géif awer ee monetäre Gesondheetsnotzen vun insgesamt 190 Mrd. EUR, bedéngt duerch eng Reduktioun vu gesondheetleche Probleemer bei de Bierger aus der EU, déi direkt bezéiungsweis indirekt mat den Emissioune vun den Autoen zesummen hänken, entstoen. An dësem Zesummenhang kann op Longekrankheeten an awer och op eng erhéichte Gefor vun Häerz-Kreeslaf-Krankheete verwise ginn.

Schlussendlech, ass déi Optioun awer net zeréck behale ginn an duerch d'Negociatiounen ass éischter ee manner ambitiéise Modell gewielt ginn. Doduerch sollten d'Käschte pro Gefier däitlech méi niddereg sinn. Mee och de positive monetären Effekt op d'Gesondheetswiese wäert net méi esou grouss sinn.

D'Evolutioun vun de Konzentratiounen u Stéckstoffdioxid (NO2) a Feinstaub (PM10) op verschiddenen fixe Miessplaze vun der Ëmweltverwaltung sinn an den zwee Grafiken hei drënner illustréiert.

[1] SWD_2022_359_1_EN_impact_assessment_part1_v4.pdf (europa.eu)

Säit 2015 ginn d'Joresmëttelwäerter vum Stéckstoffdioxid (NO2) an der Bausseloft generell a kontinuéierlech erof mat enger besonnesch prononcéierter Baisse am Joer 2020 wéinst der Reduktiounen am Stroosseverkéier bedéngt duerch d'Covid-19 Pandemie.


Déi generell a kontinuéierlech Baissë sinn notamment bedéngt duerch Modernisatioun vum Fuerpark mat der Progressioun vun den neien EURO-7-Normen an den elektresche Gefierer am Stroosseverkéier. Den europäesche Grenzwäert (Joresmëttelwäert) vu 40 µg/m3 ass aktuell net méi a Gefor fir iwwerschratt ze ginn. Trotzdeem bleift de Verbrennungsmotor am Stroosseverkéier déi Haaptursaach fir d'Expositioun vun der Bevëlkerung u Stéckoxiden.


An der iwwerschaffter Versioun vun der Loftqualitéitsdirektive 2008/50/EU, déi momentan zu Bréissel verhandelt gëtt, ass virgesinn datt de Grenzwäert op nëmmen nach 20 µg/m3 erof ze setzen, an dat vun 2030 aus un. Fir datt dëse verschäerfte Grenzwäert a ganz Lëtzebuerg bis 2030 kann agehale ginn, ouni datt mussen Ëmweltzonen agefouert ginn, ass et wichteg, datt de Fuerpark kontinuéierlech moderniséiert gëtt. Dëst gëtt ënner Anerem séchergestallt duerch d'Verschäerfe vun der EURO Ofgasnorm, an der Decarbonisatioun vum Transport duerch d'Elektromobilitéit.

Beim Feinstaub (PM10) ginn d'Joresmëttelwäerter och generell a kontinuéierlech erof, wann och net esou staark ewéi beim Stéckstoffdioxid. Hei ass och den Undeel un der Loftverschmotzung bedéngt duerch de sougenannte grenziwwerschreidenden Ferntransport relativ héich. Effektiv ass den Ënnerscheed vun de Wäerter op de ländleche Miessstatiounen an deenen no un den Emissiounsquellen relativ geréng. Den europäesche Grenzwäert vu 40 µg/m3 (Joresmëttelwäert) ass awer sécher agehalen.

Duerch d'Aféierung vun der Ofgasnorm EURO-7 mussen och reng elektresch bedriwwe Gefierer d'Emissiounskritäre beim Feinstaub erfëllen. Dëst mécht Sënn, well de Pneuen- a Bremsabrieb och hei fir signifikant Feinstaub Emissioune verantwortlech ass.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Wat d’Aussoe vum Här Timmermans betreffen, kann ech net drop agoe well dës mir net bekannt sinn. Dat selwecht gëllt fir Aussoe vun anere Vertrieder vun der EU-Kommissioun.

Wärend de ganze Verhandlunge war d’Zil vu Lëtzebuerg datt den Text vun der EURO-7-Norm am Aklang mat den Ëmweltziler steet. Zousätzlech dozou huet d’EURO-7-Norm jo net nëmmen Elementer zu de Verbrennungsmotoren abruecht, mee och zu wichtegen Aspekter wéi de Feinstëbspartikelen vu Pneuen a Bremsen, déi och weiderhi bei Gefierer ouni Verbrennungsmotoren entsoe wäerten. Zousätzlech dozou goufen och Minimalwäerter wat Durabilitéit vun de Batterië fir Elektro/Hybrid Gefierer ubelaangt festgeluecht (wéi vill Energiekapazitéit se nach mussen no eng Réi Joren oder enger gewësse Fuerdistanz mussen hunn).

Lëtzebuerg, den 26. Januar 2024

D’Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes